CORONAVIRUS COVID-19
INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN

D'REPRISE VUM UNTERRECHT AM SECONDAIRE

D'Klasse vu 7e bis 2e



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

CORONAVIRUS COVID-19
INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN

DEN 11. MEE 2020 FÄNKT DEN UNTERRECHT AM ENSEIGNEMENT SECONDAIRE NEES UN.

D'Zil ass et, jiddwer Schüler ze erméiglechen,

- Fortschrëtter beim Léieren ze maachen,
- d'Schouljoer erfollegräich ofzeschléissen,
- sech beschtméiglech op dat nächst Schouljoer virzebereeden.

Dobäi soll d'Gesondheet vu jiddwerengem optimal geschützt ginn.

FIR D'REPRISE VUM UNTERRECHT GËLLEN 10 REEGELEN:



Rotatiounsprinzip:
Äert Kand geet all zweet Woch an d'Schoul.

50 % manner Schüler:
All Klass gëtt an zwou Gruppen opgedeelt (A a B). Wann d'Grupp A an d'Schoul geet, bleift d'Grupp B doheem.



Unterrecht an der Schoul:
Am Schoulunterrecht widderhuelen d'Schüler déi Inhalter, déi se an der „Schoul doheem" geléiert hunn. Zousätzlech ginn nei Inhalter behandelt.

Widderhuelung doheem:
An där Woch, an där d'Schüler doheembleiwen, widderhuelen si dat, wat an der Schoul behandelt gouf; dofir gëtt et genee Uweisunge vun den Enseignanten.

Dat Weesentlecht:
Am Unterrecht gëtt sech op déi Inhalter konzentréiert, déi fir dat nächst Schouljoer wichteg sinn.



Ee Semester:
Dat 2. an dat 3. Trimester ginn zu engem Semester zesummegeluecht, dat vum 6. Januar bis de 14. Juli geet.

Prüfungen an den Haaptfächer:
An de Sproochen an an der Mathematik grad ewéi an de Spezialiséierungsfächer vun de verschiddene Sektioune gi Prüfunge gemaach.

Keng Prüfungen an deenen anere Fächer:
An der „Schoul doheem" krut Äert Kand Projete respektiv Dossieren an deenen anere Fächer ze maachen. Dës ginn am Unterrecht an der Schoul ofgeschloss an dono bewäert. Et si keng Prüfunge virgesinn.

Eng fair Bewäertung:
Wann Äert Kand an engem Fach op manst zwou Notten huet, da gëtt déi schlechtst Nott bei der Berechnung vun der Moyenne net berücksichtegt. Huet Äert Kand an der „Schoul doheem" gutt geschafft, kënnen d'Enseignanten 1 bis 4 Punkten op der Moyenne vum Semester Januar-Juni bäiginn.

Beispill: d'Rechne vun der Moyenne an der Mathematik

Prüfung	Nr. 1	Nr. 2	Nr. 3
Nott	42	~~28~~	50
Moyenne	92 : 2 = 46		

D'Schoulvakanze bleiwen:
D'Datumer vun der Päischtvakanz (30. Mee – 7. Juni) a vun der Summervakanz (16. Juli – 14. September) bleiwen onverännert.

Weider Informatioune fannt Dir op der Internetsäit vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend:
http://www.men.public.lu/fr/actualites/grands-dossiers/coronavirus/faq-lu/index.html

CORONAVIRUS COVID-19
INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN

Fir Schüler an Enseignantë beschtméiglech ze schützen,

MUSSEN 9 SCHUTZMOOSSNAMEN AGEHALE GINN.

D'Schüler bleiwen ëmmer
an der selwechter **Grupp**, A oder B.

An de Klassesäll respektéiert jiddwereen
en Ofstand vun op d'mannst
zwee Meter vuneneen.



Am Schülertransport an um Site vun der Schoul
ass et Flicht, e **Schutz iwwer Mond an Nues**
(wéi zum Beispill eng Mask, e Bandana
oder e Foulard) unzehunn.

An de Klassesäll ass esou e Schutz **fakultativ**.

D'Pause sinn **zäitlech versat**.

Et gëtt een encouragéiert,
reegelméisseg d'Hänn ze wäschen.

Desinfektiounsmëttele stinn an all Klassesall
an an den Entréeë vun de Schoulen zur Verfügung.

De Sportunterrecht an de
Schwammunterrecht
fale bis d'Enn vum Schouljoer aus.



Risiko-Schüler kënne mat engem **Attest**
vum Dokter (Certificat médical) weider un
der „Schoul doheem" deelhuelen.

Wann Dir Froen hutt, kënnt Dir Iech och un d'Schoul vun Ärem Kand riichten.